ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 14. Februar 2022

Här President,
esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gläichstellungsministesch an un den Här Sportminister weiderzeleeden.

Dat am November 2021 vum IOC publizéiert Dokument iwwer transsexuell Athlete gouf vum IOC selwer als Konzeptpabeier fir déi international Sportverbänn definéiert, woubäi vum IOC Wäerter wéi Fairness, Inclusioun an Net-Diskriminéierung an d'Spill bruecht goufen. Wärend bis elo fir Transfraen (also biologesch Männer, déi hiert Geschlecht gewiesselt hunn) am Sport kloer Testosteron-Riichtwäerter applizéiert goufen, ass am neien IOC-Dokument net méi rieds vun esou Riichtwäerter. Et gëtt ënnerstrach, datt Transfraen ee Recht op Selbstbestëmmung hätten an hinnen dofir, soulaang net fondéiert wëssenschaftlech Beweiser de Géigendeel beweise géifen, net ënnerstallt dierft ginn, si hätten een onfaire Virdeel géintiwwer Cisfraen, also biologesche Fraen.

Vill medezinesch Experten, Wëssenschaftler a Sportfonctionnairë gesinn dëst IOC-Dokument awer kritesch a betounen, et wier just aus enger Mënscherechtsperspektiv eraus verfaasst ginn, ouni op enger wëssenschaftlecher Basis ze stoen.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Ministesch an un den Här Minister:

1) Wéi steet d'Regierung zu den IOC-Richtlinnen? Wäert d'Lëtzebuerger Regierung d'Sportverbänn hei am Land dozou verflichten oder encouragéieren, dës Richtlinnen ze applizéieren?
2) Geet d'Regierung grondsätzlech dervun aus, datt Transfraen a biologesch Fraen zwou ënnerschiddlech Bevëlkerungsgruppe sinn an datt duerch déi kierperlech Ënnerscheeder tëscht dëse Bevëlkerungsgruppen zwangsleefeg ee fir d'biologesch Frae faire Wettbewerb vu vireran ausgeschloss ass? Wann nee: Mat wéi enge Grënn schléisst d'Regierung aus, datt et zu esou enger Wettbewerbsverzerrung komme kann?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten